# Evenementskalenner

40 JOER Schoul Kietscht



**Quizowend - 23.10.2026**



**Chrëschtmaart - 11.12.2026**



**Bal '40 Joer' - 24.04.2027**



**Schoulfest - 09.07.2027**



**an Zesummenaarbecht mat der Maison Relais**
**a mat der Ënnerstëtzung vun der Gemeng Rammerich**

arcus
am Déngscht vu Kanner, Jugend a Famill

Schoul Kietscht

Gemeng Rammerich

# D‘Geschicht vum Site vun der Zentralschoul zu Kietscht





**1978**

Decisioun fir eng Zentralschoul zu Kietscht ze bauen

**1986/87**

Aweiung vun der neier Zentralschoul:
8 Klassesäll, 3 Annexen an eng Sportshal

**1993/94**

1. Ausbau:
6 zousätzlech Klassesäll, e Festsall, e Konferenzsall an eng Déngschtwunneng

**2000/01**

2. Ausbau:
7 nei Klassesäll, e grousse Festsall um éischte Stack an e Schoulrestaurant am Sous-sol

**2004/05**

Fäerdegstellung vun der neier Schwämm

**2013/14**

3. Ausbau:
neit Gebai fir d’Maison relais an de Cycle 1, Ëmbau vum fréiere Pavillon vun der Spillschoul fir déi nei Crèche





1986-2026 - Verschidde Bauprojeten: Busarrêt, Spillplazen, Parking, syntheetesche Fussballsterrain, Containergebai...



# Mat ärer Hëllef entsteet eng Schoul

„Le Soleil dans la Main“ ass eng ONG, déi sech mat vill Häerz fir de Kannerschutz an den Zougang zu enger gudder Bildung am Burkina Faso engagéiert.



Tëschent Enn 2024 a Mëtt 2026 hu si:

- 6 bioklimatesch Schoule gebaut an equipéiert
- 7500 Schoulbicher verdeelt
- 500 Kanner a Jugendlecher Schoulmaterial a Bourse ginn
- 100 vulnerabel Kanner a Sécherheet bruecht an all Dag betreit
- 93 Famillje finanziell ënnerstëtzt a Formatioune fir eng nohalteg Aarbecht ugebueden

Fir dës Projeten ze ënnerstëtzen an den eventuelle Bau vun enger weiderer Schoul ze erméiglechen, probéiert d‘Léierpersonal an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Rammerech an hire Veräiner am Kader vu „40 Joer Schoul Kietscht“ wärend engem ganze Joer 40.000€ u Spenden ze sammelen.



le Soleil dans la Main • ONG